Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 12/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Finanzen & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Eng Persoun krut eng Subventioun fir eng privat Luetstatioun net accordéiert, well déi vun där Persoun ausgewielte Luetstatioun net de Krittäre vum groussherzogleche Reglement vum 19ten August 2020 iwwert d'staatlech Bäihëllefe fir d'Installatioun vu private Luetstatioune fir elektresch Autoen entsprécht. Den Investissement ass awer gemaach an d'Luetstatioun kann net méi zeréckgi ginn. Et kann duerchaus virkommen, dass d'Bierger net wëssen, ob hier Luetstatioun fir d'Subventioun eligibel ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir eng staatlech Bäihëllef am Sënn vum uewe genannte groussherzogleche Reglement goufen zënter der Aféierung ugefrot? Wéi vill dovunner goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

2. Kann d'Regierung eng Lëscht mat den um Marché erhältleche Modeller u Luedstatiounen veröffentlechen, déi aktuell fir d'Subventioun eligibel sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten